**Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft Dan Kersch op d'parlementaresch Fro n°3417 vum honorablen Deputéierten Jeff Engelen**

**Ad. 1**

Am Joer 2019 loung den Chômagetaux am Duerchschnëtt bei 5,4%. Am Dezember 2019 hat den STATEC nach fir 2020 een duerchschnëttlechen Taux vun 5,3% virausgesot. Zu deem Zäitpunkt haat et sou ausgesinn, dass de Chômagetaux, deen am Mee 2014 nach bei 7,2% loung, sech no engem onënnerbrachenen Réckgang vun iwwer 5 Joer stabiliséiert haat.

Am Mäerz 2020 huet dunn d'Situatioun ganz schnell an onerwaart geännert. De Chômagetaux ass vun 5,5% am Februar op 6,1% am Mäerz an op 7,0% am Abrëll gesprongen. Duerno ass de Chômagetaux nees lues a lues zréckgaang an huet sech zënter dem August 2020 tëschent 6,3% an 6,4% agependelt.

**Ad. 2**

Et ass am Moment schwiereg fir Viraussoen zu der wiertschaftlecher Entwécklung an also och zu dem Chômage ze maachen. Dat hänkt alles dovun of wéi d'Pandemie an de nächsten Méint evoluéiert an vum Impakt vun den Impfungen. Am Dezember 2020, an senger Note de conjoncture hat de STATEC zwee Szenarien fir 2021 ausgeschafft. E méi favorabelen „scénario haut" an een manner favorabelen „scénario bas". Am éischten Fall rechent de STATEC mat engem Chômagetaux vun 6,8% am Joer 2021, am zweeten Fall mat 7,7%.

An deser Note vum STATEC kann een dann folgendes liesen :

*« Il s'agit d'un côté d'un scénario qualifié de « haut », qui décrit une situation sanitaire comparable à celle des mois d'été, avec de petites vagues de recrudescence du virus au cours des prochains trimestres, mais une Europe sans deuxième vague épidémique significative et sans confinement strict. Ce scénario repose entre autres sur l'hypothèse d'avancées médicales significatives sur la première moitié de 2021.*

*Le scénario « bas » décrit une deuxième vague épidémique, qui nécessiterait des confinements généralisés à travers l'Europe, avec comme conséquence des reculs prononcés de l'activité dans la zone euro (de -3 à -3.5% en T4-2020 et T1-2021). L'impact économique négatif ne serait pas aussi prononcé qu'au cours du Deuxième trimestre 2020 (-12% dans la zone euro), mais il serait plus durable. »*

*Quell: STATEC, Note de conjoncture N° 2-2020

**Ad. 3**

D'ADEM wäert an Zukunft verstäerkt am Domaine vun de berufflechen Kompetenzen (Skills) aktiv ginn. Dës Initiativen wäerten sech un Chômeuren riichten mee awer och un Leit déi nach schaffen awer staark riskéieren hier Aarbecht ze verléieren.

D'Initiativ FutureSkills ass een éischten Schratt an dës Richtung. Dës Initiativ beinhaltet dräi Voleten:

1) Dëse Programm erméiglecht de Kandidaten vun Formatiounen ze profitéieren fir hier professionell Kompetenzen ze festëgen oder z'erweideren. Dat Ganzt gëtt vun engem praktëschen Stage begleet deen et den Kandidaten erlaabt och während dem Chômage aktiv ze bleiwen.

Am Moment proposéiert d'ADEM jo schon eng Rëtsch Formatiounen fir Chômeuren, déi et dësen erméiglechen sollen fir nees eng nei Aarbecht ze fannen. E neien Usaz wäert sinn, dass d'ADEM och elo Programmer op d'Been sätze wäert déi verhënnere sollen, dass Leit am Kader vun Ëmstrukturéierungen oder als Konsequenz vum techneschen Wandel hier Aarbecht verléieren.

2) Dann gëtt och am Kader vun där Intiativ via sektoriell Analysen gekuckt wéi eng Profiller riskéieren ze verschwannen an wat déi nei Profiller sinn déi opkommen. Leit déi dann riskéieren hier Aarbecht ze verléieren, kënnen dann forméiert ginn fir an de neien Beruffer oder Beruffsbiller ze schaffen. D'Zil vun dësem „Reskilling" ass et fir ze verhënneren, dass Leit an de Chômage falen wëll se nët méi déi passend Kompetenzen hunn.

3) Am Moment gëtt dann och nach an dësem Kader de „Plan de développement des compétences" am CPTE diskutéiert; dobäi geet et ëm d'Berodung fir d'Betriber betreffend d'Planificatioun vun hiere Besoinen a punkto Formatioun fir d'Salariéen.

Fir déi jonk Demandeurs d'emploi gëtt et de Projet „YouthYourFuture" deen de Jonken soll hëllefen e réalisteschen „projet professionnel" auszeschaffen; si profitéieren vun engem personaliséierten Coaching deen et hinnen e.a. erlaabt hier perséinlech an digital Kompetenzen auszebauen.

Aner Projeten fir déi Jonk gin därzeit nach ausgeschafft.

**Ad. 4**

Am Moment ass et effektiv méi schwéier eng Aarbechtsplaz ze fannen wéi nach virun engem oder zwee Joer, mee net onméiglech. Ënnen drënner e puer Zuelen déi dat beleeën:

- Zënter Enn Mäerz 2020 dréit den Aarbechtsmaart zu Lëtzebuerg wesentlech méi lues. Wou mir bis virun engem Joer nach ee Beschäftegungswuesstem vun +/- 3,5% haten, sinn mer lo ënner 1,5% gefall. Am europäeschen Verglach stinn mir nach relativ gutt do. Europawäit ass den Emploi am 3. Trimester 2020 em 2.0% zréckgaang (Quell: Eurostat, https://gd.lu/6D3ND).

- Den Zuelen vun der IGSS no sinn an de Méint Mäerz, Abrëll a Mee 2020 am Ganzen 24.610 Leit agestallt ginn an 24.580 entlooss ginn. Am selweschten Zäitraum vum Joer 2019 gouf et 32.350 Ustellungen an 27.780 Entloossungen (Quell: IGSS, https://gd.lu/6BGpcq).

- De Réckgang bei den Ustellungen bemierkt een och bei der ADEM. Tëscht Mäerz an August 2020 hunn 8.555 Leit déi bei der ADEM ageschriwwen waren nees eng Aarbecht fonnt. Am selweschten Zäitraum vum Joer 2019 waren et der nach 11.285.

- D'Zuel vun den oppenen Plazen déi bei der ADEM gemellt goufen, ass och staark zréckgaang. Do ass an den läschten 12 Méint e Réckgang vun iwwer 22% par rapport zu dem Joer virdrun. Besonnesch staark war de Réckgang am Abrëll (-43%) an am Mee (-33%).

- D'Situatioun ass awer ganz ënnerscheedlech vu Secteur zu Secteur. Um 31. Dezember 2020 hat d'ADEM eng 6.276 oppen Plazen an hierer Datenbank. Dat waren der 204 oder 3,1% manner wéi um 31. Dezember 2019. Et gëtt awer grouss Divergenzen. Sou zum Beispill ass d'Zuel vun den oppenen Plazen a verschiddene Sekteuren geklommen: Bau (+38%), am Gesondheetssekteur (+11%) oder nach am Finanzsekteur (+7%) geklommen. An anere Sekteuren ass se staark zréckgaang: Horeca (-53%), Handel (-26%) oder Transport a Logistik (-15%).

**Ad. 5**

De Règlement grand-ducal vum 27. Mäerz 2020 *portant dérogation aux articles L.521-9., L.521-11., L.524-5., L.543-11., L.543-20., L.552-2. du Code du travail et aux articles 8 et 10 du règlement grand-ducal du 14 octobre 2002 concernant le mode de désignation et d'indemnisation des membres, les règles de fonctionnement et les délais de procédure de la commission mixte de reclassement des travailleurs incapables à exercer leur dernier poste de travail* an de Règlement grand-ducal vum 3. Abrëll 2020 *portant modification du règlement grand-ducal du 27 mars 2020 portant dérogation aux articles L.521-9., L.521-11., L.524-5., L.543-11., L.543-20., L.552-2. du Code du travail et aux articles 8 et 10 du règlement grand-ducal du 14 octobre 2002 concernant le mode de désignation et d'indemnisation des membres, les règles de fonctionnement et les délais de procédure de la commission mixte de reclassement des travailleurs incapables à exercer leur dernier poste de travail*, déi während dem état de crise geholl gi sin, haate virgesin, dass d'Rechter op Chômageindemnitéiten, déi während dem état de crise ausgelaaf sin, ëm d'Dauer vum état de crise verlängert gin.

Dëst Mesure ass dann och am Artikel 10 vum Gesetz vum 20. Juni 2020 (*Loi du 20 juin 2020 portant 1°dérogation temporaire à certaines dispositions en matière de droit du travail en relation avec l'état de crise lié au Covid-19; 2° modification du Code du travail.*) iwwerholl gin.

Et sieff och nach drop opmierksam gemaach, dass d'Gesetz vum 24. Juli 2020 (*Loi du 24 juillet 2020 portant dérogation temporaire aux articles L. 524-1, L. 524-2, L. 524-5, L. 541-1 et L. 541-2 du Code du travail.*) eng Réi Mesuren virgesait déi hëllefen sollen d'Leit während dem Chômage z'aktivéieren. Dëst Gesetz leeft bis den 31. Dezember 2021.

Wat d'Situatioun um Aarbechtsmarché allgemeng ugeet, muss een ënnerstraichen, dass op den 31. Dezember 2020 eng 6.278 oppen Posten bei der ADEM déklaréiert waren, soit eng Baisse vun 1,9% par rapport zu dem läschte Joer. Heibäi gin et awer vu Secteur zu Secteur grouss Variatiounen. Während a verschiddene Secteuren wéi beispillsweis dem Bau oder der Santé méi oppen Plaazen déklaréiert gouffen, ass d'Offer an aanere Secteuren wéi zum Beispill am Horeca oder am Commerce staark zreckgaang.

Et huet sech awer erausgestallt, dass d'Verlängerung vun der Indemnisatiounsperiod alléng keng laangfristeg Léisung fir déi betraffen Leit duerstellt. Et misst een éischter d'Evolutioun vum Aarbechtsmarché genau analyséieren an verstärkt an d'Formatioun an d'Orientatioun vun de Léit déi op der Sich no enger Aarbecht sin sätzen, fir dass déi Leit och eng Aarbecht fanne kënnen a Secteuren déi sech den Ament staark entweckelen.

**Ad. 6**

De folgenden Tableau weist wéivill Leit all Mount, tëscht Januar an Dezember 2020 zu Lëtzebuerg Chômage kruten. Et ass wichteg ze betounen, dass et sech bei de Frontalieren just em Leit handelt déi hei zu Lëtzebuerg geschafft haten an extern reklasséiert goufen. Frontalieren déi hei geschafft haten an entlooss goufen mussen de Chômage am Land vun hierem Wunnsëtz ufroen an ginn och vun deem Land ausbezuelt, sou wéi dat och am europäeschen Reglement CE n°883/2004 virgesin ass. D'ADEM huet keng Statistiken iwwert déi Leit.

| | Residenten | Frontalieren |
|---|---|---|
| Januar 2020 | 8 387 | 434 |
| Februar 2020 | 8 317 | 438 |
| Mäerz 2020 | 8 578 | 462 |
| Abrëll 2020 | 9 729 | 492 |
| Mee 2020 | 10 131 | 500 |
| Juni 2020 | 10 236 | 511 |
| Juli 2020 | 9 963 | 476 |
| August 2020 | 9 680 | 471 |
| September 2020 | 9 562 | 448 |
| Oktober 2020 | 9 595 | 442 |
| November 2020 | 9 630 | 437 |
| Dezember 2020 | 9 911 | 447 |

**Ad. 7**

De folgenden Tableau weist wéivill Leit all Mount, tëscht Mäerz an Oktober 2020 zu Lëtzebuerg Chômage partiel kruten, opgedeelt no hierer Residenz. Fir November an Dezember 2020 leien nach keng definitiv Zuelen vir.

| | Residenten | Frontalieren |
|---|---|---|
| Mäerz 2020 | 52 712 | 48 859 |
| Abrëll 2020 | 67 247 | 57 159 |
| Mee 2020 | 39 797 | 32 098 |
| Juni 2020 | 22 984 | 17 061 |
| Juli 2020 | 10 848 | 8 647 |
| August 2020 | 9 919 | 7 554 |
| September 2020 | 8 689 | 7 028 |
| Oktober 2020 | 9 398 | 7 157 |